CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 JUIL. 2017
3130

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert Kënnegung vum Distributiounsvertrag mat der Firma Luxlait an den Schoulen un den Här Minister fir Bildung an un den Här Minister fir Landwirtschaft weiderzeginn.

Eng gesond Ernärung an de Schoulen ass wichteg fir eis Kanner. Regional Produkter verstäerkt an eise Schoulen asetzen ass wichteg fir eis Landwirtschaft: De Ministère huet dofir säit e puer Joer verstäerkt regional Produkter an eise Schoul- Restaurant' en agesaat. Mir leie säit kuerzem Informatioune vir, dat ab der Rentrée am September 2017 just nach frësch Mëllech a frësch Schockelasmëllech an de Luxlait-Automate vun de Schoulen dierfte verkaf ginn. Aner Produite wéi UHT-Schockelasmëllech, Bananne- an Äerdbiersshaken dierften net méi verkaf gi mam Argument vun der Lutte géint Iwwergewiichteg well ze vill Zocker an dëse Produiten dra wier.

Op där anerer Säit stinn awer nach wie vor Automate mat Séissegkeeten, Cola an sou weider an eise Schoulen.

An deem Kader, wollt ech dem Här Minister fir Bildung an dem Här Minister fir Landwirtschaft dës Froe stellen:

- Kann de Minister fir Bildung des Informatioune bestätegen?
- Firwat huet den Här Minister des Decisioun op Käschte vu regionale Produkter geholl, obwuel an de Schoule souwuel gezokkert Gedrénks wéi och Séissegkeeten an Distributiounsautomaten offréiert ginn?
- Hun d' Schoulen a punkto Offer an Distributiounsautomaten eng gewëssen Autonomie?
- Wat as d´Positioun vum Här Minister fir Landwirtschaft an dësem Dossier?

Här President, ech bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**
**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 5 septembre 2017

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, à la question parlementaire N° 3130 de Madame la Députée Martine Hansen**

Eng gesond an equilibréiert Ernärung an de Schoulen ass der Regierung genee esou wichteg wéi eng Promotioun vun eiser regionaler Produktioun vu qualitativ héichwäertege landwirtschaftleche Produkter. Et muss een och direkt ënnersträichen, datt zu kengem Moment een Distributiounskontrakt mat der Luxlait gekënnegt ginn ass. Au contraire, de Schoulmëllech-Programm, en europäesche Programm fir d'Promotioun vu Mëllech a Mëllechprodukter an de Schoulen, gëtt et zanter 1977 an d'Luxlait war vun Ufank un de Partner an dësem Programm. Och BIOG huet am leschte Schouljoer bei der Verdeelung vu Mëllech an de Schoule matgemaach.

Am Joer 2015, ënnert der lëtzebuergescher Présidence, gouf de Programm vun der Schoulmëllech alignéiert op de Programm vum Schouluebst. Deementspriechend gëtt dem Aspekt vun enger gesonder Ernärung méi Rechnung gedroen a frësch Produkter solle Prioritéit kréien. Edukativ Begleetmoossname sollen de Kanner de Stellewäert an d'Origine vu landwirtschaftleche Produkter erklären. Domat ugefaangen hu mir an de Schoulen 2014 mat der "Semaine Thématique du Lait" am Enseignement secondaire an 2015 a 2016 mat der "Woch vun der Mëllech", wou Kanner a landwirtschaftlech Betriber kënne kucke goen, wou a wéi d'Mëllech hiergestallt gëtt.

Mat dem neie Schoulmëllechprogramm konnt och erreecht ginn, datt e bedeitend méi héije Budget zur Verfügung steet wéi virdrun: 193.000 € vun EU-Fonge si fir de lëtzebuergesche Schoulmëllech-Programm vun elo u pro Schouljoer virgesinn. All Fournisseur vu Mëllech, dee bei der ëffentlecher Ausschreiwung matmécht an den Zouschlag kritt, kann also vu véier mol méi Bäihëllefe bénéficiéiere wéi an de viregte Joren. Am Verglach: fir d'Schouljoer 2015/16 si 47.900 € Bäihëllef fir Schoulmëllech ausbezuelt ginn. An hei hu Luxlait oder BIOG genau wéi jidder aner Mëllech-Fournisseur all hir Chance, fir den Zouschlag ze kréien.

Och dowéinst wäert sech vum Schouljoer 2017/18 un d'Verdeelung am Enseignement fondamental op wäiss Mëllech beschränken. D'Kanner sollen erëm mam Goût vun der Mëllech vertraut ginn. Fir datt mer dëst Zil besser erreechen, gëtt dëse Programm am Enseignement fondamental gratis zur Verfügung gestallt. D'Gemenge mussen also net wéi bis elo en Deel vum Präis vun der Mëllech bezuelen, mee déi Fraise wäerten integral vum



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-20040816-FR

EU-Budget, dee fir Lëtzebuerg zu Verfügung gestallt gëtt, iwwerholl ginn. D'Regierung encouragéiert all Gemengen a Schoulsyndikater, bei dësem Programm matzemaachen; e Courrier ass de 27. Juli erausgaange fir dorops hinzeweisen. Jee nodeem wéi grouss den Interêt ass, kéinten nieft der Drénkmëllech och wäisse Kéis a Jughurte verdeelt ginn.

Fir den Enseignement secondaire solle frësch Produkter wéi wäiss Mëllech a Schockelasmëllech esou wéi Jughurte weiderhin zu engem subventionéierten Tarif verkaf ginn. Hei ass et also net gratis, well d'Schüler an engem Alter sinn, wou se ufänken, Responsabilitéiten ze iwwerhuelen a si sollen de Stellewäert vu Mëllech a Mëllechprodukter schätze léieren. Och hei soll duerch e gënschtege Präis an enger méi héijer Visibilitéit wäiss Mëllech méi attraktiv fir d'Schüler gemaach ginn.

Dës Weidere war den 31. Mee am Service d'économie rurale eng Entrevue mat Vertrieder vun der Luxlait an der BIOG, fir sech mat hinnen ze consultéieren, wéi de Schoulmëllech-Programm wäert an Zukunft ausgesinn, fir déi nei Virgabe vum EU-Reglement ze erfëllen. Méiglech Piste si virbruecht ginn, ouni datt eng Stellungnam dozou vu Säite vun den Operateure komm ass, am Kontext vun der neier Approche am Schoulmëllech-Programm.

Eng gesond, equilibréiert Ernärung an de Schoulen ass e grousst Uleies, och wat d'Schoulrestauranten an d'Distributeuren ugeet. D'Regierung ass ëmmer beméit, net nëmmen déi ideal Choixen unzebidden, mee wëllt och Responsabilitéiten an der Educatioun iwwerhuelen. D'Leitlinne si kloer en Faveur vu regionalen a lokale Produkter a fir eng ofwiesslungsräich Ernärung.

Mëllechprodukter stinn an der Ernärungspyramid u véierter Plaz a liwwere virun allem wichteg Nährstoffer sou wei Eewäiss a Kalzium, mee och vill Vitaminnen, Mineralien an Nährstoffer. Duerch den Ultrahéich-Erhëtzungsprozess an den UHT-Produkter geet ee groussen Deel vun dësen Inhaltsstoffer verluer, wat bei der Pasteurisatioun net de Fall ass. D'Argument fir frësch Mëllechprodukter a géint UHT-Produkter läit deemno an éischter Linn um Nährwäert. D'Uleies ass et, eng Sensibiliséierung an Opklärung fir frësch Mëllechprodukter ze maachen, andeems déi méi ugebuede ginn, a keng UHT-Produkter, wou Nährstoffer duerch den Hierstellungsprozess zerstéiert goufen.

Wat d'Verkafe vu séissem Gedrénks ugeet, recommandéiert d'Regierung ëmmer de gudde Choix: unhand vum "Arrêté ministeriel" gëtt gereegelt, wat am Automat ugebuede ka ginn, a wat net. Et ass allgemeng gewosst, datt all Zort Soda a séisst Gedrénks nëmmen eng niewesächlech Roll an der alldeeglecher Ernärung sollte spillen. Wat d'Sodaen an d'séisst Gedrénks ugeet, ass fir d'Rentrée 2017/18 bei Restopolis eng "Quinzaine thématique" geplangt, wou sech alles em dëst Thema dréint.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse